

PRESSEMATDEELUNG VUN DER SEKTION ESCH/UELZECHT

PRESSEMATDEELUNG ZUM THEMA "FEHLE VUN ENSEIGNANT'EN"

D'Piraterpartei Lëtzebuerg stellt sech d'Fro wei et ka sinn, dass an der Educatioun d'Enseignant'en feelen.

"Den Här Meisch seet dass all Cour assuréiert ass, mee dat stemmt net. Laut der Direktioun vun engem Süd-Lycée, hunn verschidde Proffen nach kee Kontrakt, doduerch kenne sie hier Cour'en net untrieden. Dat ass net akzeptabel. Sou zum Beispill feele Proffen a den Haaptfächer. D'Schüler hunn doduerch manner Zäit fir de Cour duerch-ze-huelen. Déi Matière déi elo feelt muss dann natierlech och nogeholl gi, wouduerch verschidden Deeler nëmme 'iwwerflunn' kenne ginn". Sou de **Jérôme Becker vun der Piraterpartei Sektoun Esch-Uelzecht**.

"Eng Ausso ass och, dass wann een Drock op de Ministère mécht, datt dat näischt bréngt an et deelweis souguer nach mei schleeft."

Laut engem Communiqué soll den Encadrement assuréiert sinn (source: RTL.lu), vir d'Piraterpartei ass dat eng vague Ausso, vue datt Encadrement och eng einfach Surveillance duerstelle kann.

PRESSEKONTAKT :

Jérôme BECKER
jerome@piraterpartei.lu
+352 691 96 36 68